LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse




# DIPLOM +

## E PLUS U KOMPETENZ



## ENG FORMATIOUN NOM LYCÉE

**Du hues en Diplôme de fin d'études secondaires, en Diplôme de technicien oder en equivalenten Diplom an der Täsch?**

**An elo . . .**
**. . . bass du op der Sich no denger éischter Aarbecht?**
**. . . géings du gär op d'Uni goen, mee du bass nach net ageschriwwen?**
**. . . hues du nach keng Projete fir déi nächst Méint?**

## VERBESSER DENG CHANCEN!

**Profitéier vun däser Transitiounsphas, fir déi follgend Kompetenze weiderzeentwéckelen:**


- **Transversal Kompetenzen**, déi staark um Aarbechtsmaart gesicht ginn
- **Soft Skills**, déi op d'Uni virbereeden
- Knowhow fir den **Alldag**

**Méi Informatiounen op**
**diplomplus.lu**

# E PROGRAMM, DEE KANN ADAPTÉIERT GINN

Den „Diplom+“ ass eng Formatioun iwwer **dräi Trimesteren**. Se bitt dir e Maximum u **Flexibilitéit**, fir dass du weider kanns no enger Aarbecht sichen oder dech Richtung Uni orientéieren:

- **Modulle** vu 16 bis 48 Stonnen, déi onofhängeg vunenee sinn
- En moyenne **25 Stonnen** d’Woch
- E **Certificat** fir all gepackte Module
- En **Encadrement** vu gudder Qualitéit (extern Experten an Enseignanten)
- Eng **adaptéierbar Formatiounsdauer** (d’Ofmellen ass all Moment méiglech)
- **8 gemeinsam** Modullen
- **8 optional** Modullen, vun deenen een sech der mindestens 5 eraussicht




Am drëtten Trimester kanns du an engem Praxisprojet mat engem **Stage** an engem Betrib oder enger Organisatioun deng nei gewonne Kompetenzen uwennen a verdéiwen.

D’Formatioun gëtt generell op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch gehalen.

# PRAKTESCH INFORMATIOUNEN



**Schreif dech elo schonn an op diplomplus.lu**

- Datumer:
  1. Trimester: vum 16. Oktober bis den 22. Dezember 2023
  2. Trimester: vum 8. Januar bis den 29. Mäerz 2024
  3. Trimester: vum 15. Abrëll bis den 12. Juli 2024
- D’Aschreiwunge lafe bis den **9. Oktober 2023**.
- Lokalitéite vun der Formatioun: Esch-Uelzecht (Belval), Ettelbréck.